**Pressekonferenz :**

**Accord entre le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE) et le Syndicat National des Enseignants (SNE-CGFP) au sujet des lignes directrices de la politique éducative pour le restant de l'actuelle législature (22.02.2016)**

Dir Dammen an dir Häre vun der Press,

Nodeems den Här Minister Meisch iech seng Reflexiounen zum Accord presentéiert huet, ass elo u mir fir iech dem SNE/CGFP säi Standpunkt duerzeleeën.

Den SNE/CGFP huet d'Prioritéite vum Educatiounsminister souwéi déi ugekënnegt Spuermoossname genee analyséiert a kritesch hannerfrot.

An de leschte Wochen a Méint huet den SNE/CGFP mat Nodrock seng Revendicatiounen zu dëse Prioritéiten an de Verhandlunge mat de Responsabele vum MENJE virgedroen.

Schliesslech konnt dunn en Accord ausgehandelt ginn, deen genau festleet, wat nach bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod an der Grondschoul usteet.

An dësem Accord tëschent dem MENJE an dem SNE/CGFP ass elo schrëftlech festgehalen, dass keng Spuermoossname méi fir d'Enseignanten an der Grondschoul virgesi ginn.

Dës Weidere kënnt de MENJE enger ganzer Rei vu Fuerderungen no, déi den SNE/CGFP zesumme mat senge Memberen - also de Leit, déi an de Schoule schaffen - gestallt huet.

Dës Revendicatiounen aus dem SNE/CGFP sengem « Cahier de charges » kënnen nach an dëser Legislaturperiod ëmgesat ginn.

Komme mer elo zu den, fir den SNE/CGFP, wichtege Punkte vun dësem Accord:

## 1. « Tâche des enseignants »

### a) D'« Tâche d'enseignement direct »

Et kënnt net zu enger Erhéijung vun der « Tâche d'enseignement direct ».

Dat ass fir den SNE/CGFP e ganz wesentleche Punkt vun dësem Accord.

Louchen dach am Virfeld vun de Verhandlungen eng ganz Rëtsch vu Propositioune vum MENJE um Dësch, déi fir den SNE/CGFP einfach inacceptabel waren.

- D'Altersdecharge sinn a Fro gestallt ginn

- D'« Tâche d'enseignement direct » hätt sollen duerch d'Ëmwandlung vum« Appui pédagogique » eropgesat ginn:

Dobäi hätt dës Ëmwandlung och nach zu enger Reduzéierung vun den individuellen, cibléierten Hëllefsmoossname fir d'Kanner gefouert.

- Mat engem ëmgeännerten Horaire an der Verlängerung vun de Schoulstonne sollt d'Schoulzäit eropgeschrauft ginn.

All dës Propositioune sinn elo vum Dësch.

Mat dësem Accord ass am Konsens beschloss ginn, d'« Tâche d'enseignement direct » vu Léierin a Schoulmeeschter net eropzesetzen.

b) « Formation continue »

Wéi dir wësst, hunn déi dräi Syndikater aus dem « Enseignement secondaire » an hirem Accord mam MENJE zougestëmmt, dass déi obligatoresch « Formation continue » vun 8 op 16 Stonne pro Joer eropgesat ginn ass.

Doduerch hat den SNE/CGFP wéineg Argumenter, fir dës nei Dispositiounen an der Grondschoul ze verhënneren.

Den SNE/CGFP huet dunn awer drop gehalen, dass dann déi aner, méi favorabel, Bestëmmungen an dësem Beräich och fir den « Enseignement fondamental » gëllen.

Dat heescht:

- Fir déi éischt Period kënnen all déi Stonne Formatioun, déi een an deene leschten dräi Joer méi wéi den obligatoresche Minimum gemaacht huet, mat an déi nächst Referenzperiod eriwwergeholl ginn.
- Duerno kann ee bis zu 4 Stonnen, déi ee méi wéi den obligatoresche Minimum gemaach huet, mat an déi nächst Referenzperiod eriwwerhuelen.
- All Stonne vun enger Journée pédagogique ginn ugerechent.
- Wann een den obligatoresche Minimum obligatoire fir déi betreffend Referenzperiod scho gemaach huet, kann een net weider Formatiounen imposéiert kréien.

Dës Weidere kënnt am « Enseignement fondamental » derbäi, dass all Formatioun am Kader vum PAI als prioritär ugerechent gëtt.

## 2. « Gestion des écoles »

### a) « Comité d’école »

Den SNE/CGFP huet 2009 d’Kreatioun vun de Schoulkomiteeën ënnerstëtzt, déi sech aus engem « Président du comité d’école » a verschiddene Memberen, déi vun an ënnert de Membere vum Léierpersonal gewielt ginn, zesummestellen.

Fir den SNE/CGFP war et wichteg, dass och an Zukunft d’Personal, dat fir d’Gestioun vun der Schoul zoustänneg ass, ëmmer vun an ënnert dem « Corps enseignant » aus der Schoul gewielt gëtt.

D’Zesummesetzung, d’Missiounen an d’Attributioune vun de Schoulkomiteeë bleiwen onverännert.

Dësen Accord stellt sécher, dass de partizipative Modell vun de Schoulkomiteeeë bestoe bleift an net méi a Fro gestallt gëtt.

### b) « Directions de région »

Zënter en etleche Jore steet eng Reform vum Inspektorat am Raum.

Den SNE/CGFP stoung dëser Reform ëmmer kritesch géintiwwer a konnt den Haaptprinzipien dovun nëmmen zoustëmmen, wa garantéiert ass, dass et net zu engem iwwerdriwwene Kontrollwahn kënnt.

Och war et eng « Conditio sine qua non » fir den SNE/CGFP, dass den Handlungsspillraum vun de Schoulkomiteeën net duerch dës Reform ageschränkt däerft ginn.

An dësem Accord sti just déi grouss Linne vun dëser Reform:

- Aus 20 Arrondissementer entstinn 12 bis 16 « Directions de région ».

- D’« Directions de région », déi aus engem Direkter mat senge Sous-Direktere bestinn, ersetzen d’Inspektere mat hiren Attachéen.

Den SNE/CGFP huet insistéiert, dass d’Missioune vun den Direktiounen déi selwecht bleiwe wéi déi vum Inspektorat an net erweidert ginn.

Och huet den SNE/CGFP gefuerdert, dass eng « Structure de médiation » geschafe gëtt, fir eventuell Konflikter tëschent Enseignanten an Direkteren ze léisen.

c) « Observatoire national de la qualité scolaire »

Dësen Observatoire gëtt geschafe fir den nationale Schoulsystem a senger Globalitéit op de Leescht ze huelen an dem Minister da Propositiounen ze ënnerbreeden.

Den SNE/CGFP huet drop gehalen, dass dës Struktur onofhängeg vun den « Directions regionales » ass a keng Kontrollfunktioun vis-à-vis vum eenzele Schoulmeeschter huet.

## 3. « Développement scolaire »

a) « Instituteurs spécialisés en développement scolaire »

Zënter dem Akraafttriede vun der Reform an der « Fonction publique » gëtt et d’Méiglechkeet fir spezialiséiert Schoulmeeschtere mat Masterdiplom anzestellen.

Am Kader vun dësem Accord gi Schoulmeeschtere mat engem Masterdiplom am « Schoolmanagement » als « Instituteur spécialisé en développement scolaire » agestallt.

Si ënnerstëtzen a beroden als Experten d’Schoul bei hirem « Plan de développement scolaire », deen den aktuelle PRS ersetze wäert.

Dësen « Instituteur spécialisé » huet keng hierarchesch Funktioun a soll d'Komiteeën an d'Schoule beim PDS um Terrain entlaaschten an eventuell nei Impulser ginn.

An deem Kontext gëtt dann och d'Funktioun vum « Instituteur-ressources » ofgeschaaft.

b) « Le Plan de développement scolaire »

De PDS ersetzt vum Schouljoer 2017-2018 un de PRS.

Och an deem Dossier hu mir Verbesserungen erreecht.

Am Accord ass festgehal ginn, dass all Schoul 4 Stonne fir de PDS zur Verfügung gestallt kritt :

- 2 Stonne kommen als zousätzlech Decharge fir de President oder ee Member vum Schoulkomitee, deen den Uspriechpartner fir de PDS ass, derbäi.
- 2 Stonne kritt all Schoul zousätzlech zum Contingent.

Den SNE/CGFP huet also net nëmmen erreecht, dass d'Schoulen en « Instituteur spécialisé » kréien, dee si beim PDS wäert entlaaschten, mee dës Weidere ginn nach landeswäit ongeféier 100 Schoulstonne méi an den neie PDS investéiert, wéi dat bis elo fir de PRS de Fall war.

## 4. « Aide et assistance »

a) « Contingent »

Zwar wëllt de MENJE de Berechnungsmodus vum Contingent net änneren, mee ass awer bereet, déi 4000 Unterrechtsstonnen, déi nach bis 2019 theoretesch géifen ofgebaut ginn, nees integral an d'Schoulen ze reinvestéieren.

Dës Stonne gi fir den « Encadrement des élèves à besoins spécifiques ou à besoins particuliers » an de Schoule geholl.

b) « Réactivité »

Am Accord mam MENJE gëtt enger laangjäreger Fuerderung vum SNE/CGFP Rechnung gedroen, dass de Funktionnement vun den EMPen reforméiert gi soll:

Et kënnt zu enger Opstockung a méi enger grousser Präsenz vum Personal vun den EMPen an de Schoulen.

D'Prozedure vun der CIS ginn esou reforméiert, dass d'Ënnerstëtzung vun den EMPen méi séier a méi effizient an de Schoule bei de betraffene Kanner ukënnt.

c) « Instituteurs spécialisés »

E weideren Erfolleg fir den SNE/CGFP ass et, dass an deenen nächste 4 Joer 150 « Instituteurs spécialisés hors contingent » am A1 agestallt ginn.

Si schaffen an eise Schoule spezifesch mat deene Kanner, déi speziell Besoinen hunn.

Dat hëlleft net nëmmen deene Kanner, mee et entlaascht och all Titulaire, well et ëmmer méi Kanner an eise Klasse ginn, déi eng méi individualiséiert Betreiung vun extra geschoultem Personal brauchen.

Dëse Punkt am Accord betruecht den SNE/CGFP als groussen Erfolleg an als de richtege Schrëtt an der aktueller Bildungspolitik.

## 5. « Passage de l’enseignement fondamental à l’enseignement secondaire »

Wat d’Orientéierungsprozedur fir de Passage vum Fondamental an de Postfondamental ubelaangt, esou huet den SNE/CGFP sech während deene leschte Joren derfir agesat, dass déi aktuell Prozedur bäibehale soll ginn.

Si huet sech nämlech bewärt an duerfir wollt déi grouss Majoritéit vum Léierpersonal och dorunner festhalen.

Duerch dësen Accord bleift den aktuellen System wäitestgehend mat den « Épreuves communes » bestoen.

Et kënnt just zu e puer punktuell Adaptatiounen:

- Um Enn vum Zykel 4.1 gëtt e « Pronostic d’orientation » gemaach.

- De « Conseil d’orientation » behandelt just déi Fäll, wou d’Elteren an d’Enseignanten sech net eens gi sinn.

## 6. « Bilans intermédiaires »

Wat d’« Bilans intermédiaires » ubelaangt, esou huet den SNE/CGFP erreecht, dass onse Revendicatiounen an de Réckmeldunge vun den „Écoles-pilotes“ an der definitiver Versioun Rechnung gedroe gëtt.

Esou kënnt et zum Beispill zu enger Ënnerdeelung A+, A, B+,B, wat d’Preformancen ubelaangt. D’« Attitude au travail » gëtt och erëm an all de Fächer evaluéiert.

**Conclusioun**

Den SNE/CGFP rappeléiert, dass en Accord och ëmmer e Kompromëss ass. Gläichzäiteg si mir awer frou, no laangen an intensive Verhandlungen, en Accord fonnt ze hunn, an dat aus 2 Grënn:

- Virgeschloe Spuermoossnamen am « Enseignement fondamental » konnte verhënnert ginn.

- Laangjäreg Fuerderungen vum SNE/CGFP wat de Funktionnement vun onse Schoulen ubelaangt, ginn duerch dësen Accord ëmgesat.

Mat dësem Accord huet den SNE/CGFP, als eenzeg representativ Gewerkschaft am Fondamental Verantwortung iwwerholl, am Interêt vun eiser Schoul, vun de Kanner an den Enseignanten.

Den SNE/CGFP erwaart sech och an Zukunft e fairen, konstruktiven a permanenten Dialog mat de politesche Responsable bei alle wichtegen Themen ze féieren, esou wéi dat an deem heiten Dossier de Fall war.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet!